



Ech mengen, et ass normal, dass mer am Kader vun de gesetzleche Bestëmmungen a vun de Kompetenze vun deem engen a vun deem aneren hei matschaffen. A mir brauchen eis selwer, mengen ech, net an d'Flicht ze huelen. Mir wäerten dat maachen, wat mer musse maachen. Dofir fannen ech éischter, dass dat doten eppes ass, wat ech als iwverflësseg och betuechten.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann, wa keng weider Stellungnahmen do sinn, géife mer elo zur Ofstëmmung iwvergoen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung ass lancéiert. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung...

(Interruptions)

Jo. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

Wiem seng Maschinn ass net gaangen? Dem Här Lies seng? Jo.

Also, mir hunn 78 Participants au vote.

(Interruptions)

58. 58!

► **Une voix**.- À la bonne heure!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- 58! D'Maschinn huet mer e Streech gespillt. Also, 58 Participatiounen um Vote. 5-mol Jo, 53-mol Neen. Also ass d'Motioun ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 5 voix pour et 55 voix contre.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marc Spautz), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Diane Adehm), MM. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Marc Lies (par M. Serge Wilmes), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger (par M. Gusty Graas), Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zur Resolutioun iwvergoen. Gëtt et do Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da géife mer zum Vote iwwert d'Resolutioun iwvergoen.

Vote sur la résolution 1

De Vote ass lancéiert. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

D'Resolutioun ass mat 56 Nee-Stëmmen, bei 2 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Résultat définitif après redressement: la résolution 1 est rejetée par 2 voix pour et 58 voix contre.

Ont voté oui: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt (par

M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher (par M. Marc Spautz), Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Octavie Modert), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Diane Adehm), Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Mergen), Aly Kaes (par M. Serge Wilmes), Marc Lies (par M. Laurent Zeimet), Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Yves Cruchten), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger (par M. Lex Delles), Mme Anne Brasseur (par M. Max Hahn), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum);

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Gérard Anzia (par Mme Josée Lorsché), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Jo, Här Minister?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech wollt nach just, ier dass mer alleguerte fortginn, dem Deputéierte Justin Turpel soen, dass déi léif an e bëssen humoristesch Wieder, dass dat meng waren. Mä de Premier-minister huet mech och chargéiert, am Numm vun der Regierung lech Merci ze soe fir Aren Asaz an lech alles Guddes ze wënsche fir d'Zukunft. An ech freeë mech elo op de Patti! Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Minister.

12. 6796 - Projet de loi portant modification de la loi du 19 décembre 2014 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 (suite)

Dispense du second vote constitutionnel

Ech hunn nach zwou Saachen, ier d'Sëtzung eriwwer ass. Dat Éischt, vu dass de Projet de loi 6796 esou séier duerch war, weess ech net, ob ech d'Fro gestallt hat vun der Dispens vum zweete Vote,...

(Interruptions)

...wëll dat awer elo hei nohuelen.

Dir sidd do dermat d'accord?

(Assentiment)

13. Hommage à M. Justin Turpel

A vu dass d'Regierung elo den Toun uginnt huet, wollt ech awer och vläicht dovu profitéieren, fir e puer Wuert un eise Kolleeg Justin Turpel ze riichten, deem seng lescht éffentlech Sëtzung et haut ass.

Den Här Turpel verléisst dat Haus hei méi fréi, wéi et eigentlech um Ufank geplangt war, aus gesondheetleche Grënn: Sâi Réck huet d'Laascht, déi hien a sâi Rucksak gepaakt huet, net esou richtig verdroen. E Choix, dee mir alleguer respektéieren an deen, mengen ech, him och net einfach gefall ass. Et war eng kuerz, mä intensiv Zäit an der Chamber. An deene knapp 17 Méint, wou hien am Parlament war, huet e sech staark engagéiert, intensiv geschafft a vill diskutéiert, als Deputéierte vun déi Lénk am Plenum, mä och als Vizepräsident an der Petitiounskommissioun oder als Member vun deenen anere Kommissiounen, bei deenen hie matgemaach huet.

Haut, fir seng lescht Sëtzung, hu mer en nach eng Kéier an „Missioun“ erlieft. Ech soen „Missioun“, well de Justin Turpel, wann e vun eppes gepaakt ass, net gewinnt ass, eppes Hallwes

ze maachen. Heiansdo konnt hie seng Verbasenheet och net verstoppen oder ass och emol an d'Schoulmeeschterroll eragefall. Elo... Mir sinn net op engem Begrieffnis, dofir dâerf een och Saache soen, déi een esou gespuert huet.

(Hilarité)

Elo soll hie méi lues trëppelen; mä well ech en awer kennen, wëll ech net vu Pensiouen schwätzen. Ech si sécher, dass e wäert Weeër fannen, fir eis erhalen ze bleiwen! Vlächcht net hei, mä op anere Plazen, well seng laang politesch a gewerkschaftlech Erfahrungen, seng Passioun dofir wäerten en net roueg loossen.

Et ass e puermol gesot ginn de Mëtten, och wa mer net ëmmer mat him d'accord waren a wa mer net ëmmer déiselwecht Sprooch geschwat hunn - am Minett gëtt heiansdo eng aner Sprooch geschwat wéi an der Stad -,...

(Hilarité)

...soe mer him Merci fir seng Aarbecht a ginn em mat op de Wee: Maach et gutt, Justin!

(Applaudissements)

Sou, a well et dann esou schéi war de ganze Mëtten,...

(Hilarité générale)

► **Une voix**.- Allez Justin!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ... profitéiert de Justin bis zum Schluss, fir dass et eis och net ze schwéier fält, wann e geet.

(Hilarité)

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech soen lech Merci fir déi sechs bis siwe Minutten Opmierksamkeet, déi Der mer nach wëllt ginn, fir zum Ofschloss vu mengem Mandat e puer Wuert ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also passt op, d'„Parole après président“, dat si fënnel Minutten, mä mir kucken eng Kéier duerch d'Fangeren.

(Hilarité)

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Et war mir eng Eier, an dëser Enceinte, wou d'Gesetzter gemaach ginn an d'Regierung soll kontrolléiert ginn, zesumme mam Serge Urbany déi Leit ze verrieden, déi normalerweis keen Droit au chapitre hunn, déi Leit, déi 95% bis 99%, vun deene mer ëmmer schwätzen, vun der Bevëlkerung, déi net zu deene gehéieren, déi d'Welt beherrschen an dee ganze Räichtum asäckelen.

► **Une voix**.- Ooh!

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- A fir déi Mënschen ze verrieden, déi wierklech de Räichtum vun dëser Welt ausmaachen, ech hunn dat immens gäre gemaach an hunn dat ni als eppes Extraes, mä just als d'Fortsetzung vun deem Asaz gesinn, deen ech och virdrun an de Gewerkschaften, de Comitéen an de gesellschaftleche Bewegungen hat.

Ech soen deene Merci, déi mech dobäi ënnerstëtzt hunn, de Mataarbechter aus onser Fraktioun an och ausdrécklech de Mataarbechter aus der Chamber, déi eng immens wichteg Aarbecht am Dëngscht vun de Bierger maachen. Leider, an et ass gesot ginn, erlaabt meng Gesondheet mir et net méi - wahrscheinlech och als Konsequenz dervun -, deen Asaz esou weiderzeféieren, wéi ech dat fir noutwendeg halen.

Ech sinn awer frou, datt mam David Wagner e jonken, dynameschen a sécherlech gradesou kämpferesche Militant d'Relève iwverhëlt, an deen op déi him eegen Aart a Weis dësen Asaz weiderféiere wäert. Ech wënschen him, him an dem Serge, vill Asazfreed an Erfolleg an der Aarbecht, wëssend datt an dëser Chamber ëmmer nëmmen dat realiséiert gëtt, wat d'gesellschaftlech Kräfteverhältnissen erlaben. Émsou méi wichteg ass et, datt et eng lénk Bewegung gëtt, déi d'Mobiliséierung an der Gesellschaft ënnerstëtzt, weiderbréngt an hei an dëser Arena erëmispigelt.

Ech wäert och an Zukunft, souwäit meng Kräften et zouloossen, matwierken un deem, wat de Jean Ziegler schonn am Titel vu sengem leschte Buch seet, an zwar: „Ändere die Welt!“, mam Ënnerstitel: „Warum wir die kannibalische Weltordnung stürzen müssen.“ Jo, ëm eng kannibalistesche Weltuerdnung handelt et sech beim globaliséierende Kapitalismus. Milliounen vu Leit si gestuerwen am Asaz géint déi kannibalistesche Weltuerdnung, am Kampf géint d'Ausbeutung vu Mënsch an Natur, am Asaz fir e Gesellschaftssystem, deen op Gläichheet a Respekt vun all Mënsch opbaut.

Wann haut erëm ëmmer méi Mënschen a Kriecher an an anere vu Mënsche selwer provozierte Katastrophe stierwen an a Massegriewer endegen, och zu Zegdausenden am Mëttemier ëmkommen, duerch Honger a Krich oder op der Flucht virun Ënnerdréckung an Aarmut, da wësse mir, datt mir nach wäit ewech si vun enger Gesellschaft, déi dat realiséiert, wat d'Vëlker 1948 no zwee fierchterleche Weltkriecher am éischten Artikel vun der Mënschenrechtsscharta als Imperativ gesat hunn: „All Mënsche si fräi a gläich, hunn déiselwecht Dignitéit a Rechter. Si hu Verstand a Gewëssen a sollen een deem aneren am Geescht vu Bridderlechkeet begéinen.“

„D'Feinde vun der Mënschheet“, seet de Jean Ziegler, „sinn haut déi weltwäit Diktatur vun den Oligarchiën vum globaliséierte Finanzkapital an déi absurd Uerdnung, déi si dem ganze Planéit opzwéngen, mat als Folleg dovun erniddregten, hongrege Mënschen an zerstéierte Familien.“

Jo, d'Upassung un déi globaliséiert Wirtschaftsuerdnung ass d'Iwwel vun der Zäit, och wéi de Riccardo Petrella et ausdréckt: „Der neue Diskurs, der jeden Tag in allen Sprachen von den Medien aller Länder geführt wird, sagt uns, dass die gegenwärtige Globalisierung ein grundlegender, unausweichlicher, unwidderstehlicher Sachzwang ist, gegen den niemand ankämpfen und sich wehren kann. (...) Im dominierenden Diskurs ist «Anpassung» das Schlüsselwort. Es heißt, man müsse sich an die Globalisierung anpassen. Wer sich nicht anpasst, wird eliminiert.“

Sech der Upassung un déi globaliséiert Weltwirtschaftsuerdnung widdersetzen, sech wieren, dat ass de moraleschen Imperativ. Jiddwereen huet de Choix: upassen oder widdersetzen. Wéi vill Lidder aus der Aarbechterbewegung froen: Which side are you on? Op wéi enger Säit stees du?

Och hei an dëser Enceinte huet jiddwereen, all Deputéierten, jiddwerzäit d'Verantwortung an de Choix, selwer ze decidéieren, op wéi enger Säit e steet, ob e sech de globaliséierte Muechtverhältnissen upasst oder net!

Dobaussen, an där richteger Welt, gëtt et ëmmer méi Rëss an der Front vun der Upassung. Et gouf ëmmer Mënschen an et gëtt der ëmmer méi, déi sech widdersetzen, Fräiheet afuerderen a géint déi falsch Weltuerdnung virginn.

«La colère emporte l'émeute comme le vent emporte le feu.», sot de Victor Hugo 1862 an „Les misérables“. D'Roserei facht den Opstand u wéi de Wand d'Feier. Am Weste wéi am Osten, am Süde wéi am Norde bléist de Wand ëmmer méi staark.

Ob als Folleg vum moraleschen Imperativ, aus Roserei iwwer Chaos a Misär an dëser Welt oder als Ausdrock vu Solidaritéit a Respekt virun all Mënsch: D'Verweigerungsfront géint d'Upassung wiisst, si schwätzt hir eege Sprooch, déi ëmmer manner ze iwverhéiere wäert sinn. An domat wiisst d'Hoffnung an dëser Welt. Oder, wéi de Bertolt Brecht an där däischterer Zäit sot: „Dat Grousst bleift net grouss, a kleng net dat klengt. D'Nuecht huet zwielef Stonnen, da kënnt schonn den Dag.“

An deem Sënn: Au revoir!


(Applaudissements)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Au revoir!

(Hilarité)

An domat ass d'Sëtzung eriwwer.

(Fin de la séance publique à 19.57 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

